PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 JUIL. 2019
905

Lëtzebuerg, den 17/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien & Interieur weiderzeleeden.

Verschidde Gemengen hei am Land verschécken un d'Awunner vun hire Gemenge Communiquéen a Form vun Zäitschréften oder Flyere fir hir Awunner iwwert d'Aktualitéit vun hirer Gemeng um Stand ze halen. Dës – mat Steiergelder bezuelte – Publikatioune ginn a verschiddene Gemenge gären als politesch Bühn genotzt fir esou déi politesch Responsabel an ee bessert Liicht ze stellen. An de Publikatiounen tauchen ëmmer nees déi selwecht Gesiichter op de Fotoe op, d'Berichterstattung weist tendenziéis d'Meenunge vun de Majoritéiten an net all Aspekter vu politeschen Dossiere ginn onofhängeg an onparteilech duergestallt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Erkennt d'Regierung d'Gefor, dass d'Publikatioune vun de Gemengen fir politesch Meenungsmaach vu verschiddene politesche Verantwortleche mëssbraucht kéinte ginn? Ass d'Regierung aktuell zefridde mat der Situatioun oder gesäit si ee Besoin zum Handelen an dësem Thema?

2. Existéiert fir Publikatiounen een Deontologieskodex, un deen sech d'Gemengen hale mussen? Falls nee, gedenkt d'Regierung esou ee Kodex opzestellen? Falls, nee, firwat net?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass kloer Reegelen, wéi zum Beispill d'Imposéiere vu Formater a Richtlinnen, een Abus vun ëffentlech bezuelte Publikatioune kënne virbeugen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 1er août 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 AOUT 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n°905 du 17 juillet 2019 de l'honorable Député Marc Goergen concernant les publications des communes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour la Ministre de l'Intérieur

Alain Becker
Premier conseiller de gouvernement

Äntwert vun der Madame Inneministesch Taina Bofferding op d'parlamantaresch Fro n° 905 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.

Den honorabelen Deputéierten Marc Goergen wëll sech iwwer „Publikatioune vun de Gemengen" informéieren ouni genee ze soen wéi eng Publikatiounen hie viséiert.

Wann d'Gemeng den Éditeur vun der Publikatioun ass, kann een dovunner ausgoen, dass de *"Bulletin d'information"* aus dem Artikel 82 vum Gemengegesetz gemengt ass.

De "Bulletin communal", oder Gemengebuet, wéi en oft genannt gëtt ass am Prinzip do fir d'Leit regelméisseg an allgemeng iwwer d'Verwaltung vun der Gemeng ze informéieren.

Wann eng Gemeng Publikatioune mécht, ass ze recommandéieren, dat déi vum Gemengerot reglementéiert ginn, domat kloer Regele fir de Contenu vun der Publikatioun festgehalen kënne ginn.

De Gemengebuet ass déi eenzeg periodesch Publikatioun vun der Gemeng un d'Stéit, déi d'Gesetz virgesäit, an och just fir den Zweck vun der Publikatioun vu Gemengereglementer.

Dësen ass net vum Gesetz geregelt, an den Ament existéiert och keen Deontologieskodex, un deen sech eng Gemeng misst fir hir Publikatiounen halen. Den Artikel 82 vum Gemengegesetz erlaabt awer, och aner Publikatioune kënnen ze maachen.

Eventuell Gemengereglementer iwwer d'Publikatioune vun der Gemeng mussen net vum Inneministère approuvéiert ginn. D'Servicer vum Ministère stinn de Gemengen awer berodend zur Säit fir déi bescht méiglech Rechtssécherheet ze erreechen.

Wann de Wonsch do ass, e Kader ze setzen, bitt hei déi geplangte Refonte vum Gemengegesetz d'Geleeënheet fir dëst ze diskutéieren.